PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
29 JUIL. 2019
981

Lëtzebuerg, den 29/07/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft & Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.**

Verschidde Bierger ronderëm d'Land hunn an de leschten Deeg drop opmierksam gemaach, dass vill Zuuchtdéieren, déi op de Wisen stinn, keen Ënnerdaach hunn a wärend d'Spëtztentemperature vu bal 40°C am Schied an der praller Sonn stinn.

Den Artikel 4 Punkt 3 vum Déiereschutzgesetz gesäit vir, dass jiddereen, deen en Déier hält, dofir suerge muss, dass d'Temperature vum Déier u seng Aart adaptéiert muss sinn. Wa Kéi, Päerd a Geessen an der praller Mëttegsonn stinn, ass dës Konditioun mat grousser Wahrscheinlechkeet net méi erfëllt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass de Landwirtschaftsminister a Kenntnis dovunner, dass queesch duerch d'Land Déieren op de Felder an der praller Sonn stinn? Consideréiert de Minister dës als ee Verstouss géint d'Déiereschutzgesetz vun 2018?

2. Huet de Minister am Kontext vun der aktueller Hëtztwell iergendwellech Kontrolle vum Déiereschutzgesetz duerchgefouert? Falls nee, firwat consideréiert de Minister dass zu Lëtzebuerg all Déieren adequat virun den héijen Temperature geschützt sinn?

3. Verschidden Notzdéiere grasen op Grondstécker, déi Deel vun enger Zone Verte sinn. Kann d'Ministesch fir Ëmweltschutz confirméieren, dass an dem Fall d'Demanden, fir ee mobillen Iwwerdaach opzestellen, vum Ministère refuséiert ginn?
    - Falls jo, aus wéi enge Grënn?
    - Wäert d'Regierung heizou nach dëse Summer eppes ënnerhuelen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél. : 247 82530

Réf 480/19

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
04 SEP. 2019

Luxembourg, le 4 septembre 2019

**Objet:** Question parlementaire n° 981 de l'honorable Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

**Réponse commune du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire n° 981 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen**

**Ass de Landwirtschafsminister a Kenntnis dovunner, dass queesch duerch d'Land Déieren op de Felder an der praller Sonn stinn? Consideréiert de Minister dës als ee Verstouss géint d'Déiereschutzgesetz vun 2018?**

D' Reglement vum 5. Dezember 2018 mat Bezuch op d'Halen vun Déieren gesäit am Artikel 3 vir dass, falls Déieren op enger Wiss gehale ginn a wärend längerer Zäit extrem Wiederkonditiounen herrschen, dës Déieren müssen Schutz fannen sief et an engem Ënnerstand respektiv bei enger Heck oder ënnert Beem.

**Huet de Minister am Kontext vun der aktueller Hëtztwell iergendwellech Kontrolle vum Déiereschutzgesetz duerchgefouert? Falls nee, firwat consideréiert de Minister dass zu Lëtzebuerg all Déieren adequat virun den héijen Temperature geschützt sinn?**

D'Veterinärsinspektioun huet wärend der Hëtzwell all Plainte déi eran komm direkt iwwerpréift an et ass zesummen mam Propriétaire vun den Déieren eng Léisung gesicht ginn déi dem Déiereschutz gerecht gëtt.

**Verschidden Notzdéiere grasen op Grondstécker, déi Deel vun enger Zone Verte sinn. Kann d'Ministesch fir Ëmweltschutz confirméieren, dass an dem Fall d'Demanden, fir ee mobillen Iwwerdaach opzestellen, vum Ministère refuséiert ginn?**

- **Falls jo, aus wéi enge Grënn?**
- **Wäert d'Regierung heizou nach dëse Summer eppes ënnerhuelen?**

Déi vum honorabelen Deputéierte gefroten Informatioune goufen an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro n°951 matgedeelt.

---